



Foire Agricole fir Kanner a Jugendlech

e Freideg, den 30. Juni 2017

Léif Enseignanten,

An Zesummenaarbecht mam Organisateur vun der **Foire Agricole Ettelbréck** (FAE) invitéieren d'*Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren* lech ganz häerzlech, fir e **Freideg, den 30. Juni 2017** mat Äre Schüler vum **Enseignement fondamental**, vum **Enseignement secondaire technique** (7^e - 9^e) a vum **Enseignement secondaire classique** (7^e - 5^e) e puer interessant Stonnen op der FAE zu Ettelbréck ze verbréngen. D'Kanner an déi Jonk kréien iwwer dëse Wee d'Geleeënheet, fir d'Landwirtschaft, de ländleche Raum an d'Natur mat all hiren Diversitéiten ze erliewen. Et gëtt deemno vill fir si ze kucken, ze froen an och ze schmaachen.

Den Accueil vun alle Schouklassen ass bei der Entrée vun der FAE (Däichhal), wou Dir niewent den **Entréesbilljeeën** (gratis) och e Plang vum Site ausgedeelt kritt.

Dir kënt lech fir eng vun deene **folgende Formullen** entscheiden, déi dëst Joer um Programm stinn, an déi Äre Schüler am Beschten entgéintkommen:

1. Visite ouni Féierung

Nom Accueil sidd Dir fräigestallt, fir lech op der Ausstellung ze beweegen, wéi dat dem Rhythmus vun der Schouklass entsprécht.

2. Visite mat Féierung

Beim Accueil kritt Dir e jonke Member vun eiser Associatioun als Guide zougedeelt, deen d'Schouklass iwwer de Site vun der FAE begleet an op d'Froe vun de Kanner ageet.

3. Visite vun der FAE mat Bedeelegung un engem, zwee oder dräi Atelieren

An Zesummenaarbecht mam Organisateur vun der FAE bidde verschidden Aussteller de Kanner en Atelier un. D'Detailer fannt Dir an der Annexe.

Mir weisen drop hin, datt Dir Är Schouklass fir maximal dräi Atelieren aschreiwé kënt (d'Visite mat Féierung ass als een Atelier ze betruachten). Och muss - aus sécherlech verständleche Grënn - ëmmer en Intervall vun enger halwer Stonn tëschent den Atelieren ageplangt ginn.

Oppassen: D'Reservatioune vun den Ateliere kënnen vum 12. Juni (**vu 16:00 Auer un**) bis de 26. Juni 2017 virgeholl ginn; dat **online** ënner www.fae.lu oder www.jongbaueren.lu. Aus organisatoresche Grënn kënnen keng Inscriptiounen méi iwwer Telefon oder per E-mail ugefrot ginn. Mir bidden ëm deen néidege Versteedsdemech.

Wichtig: D'Enseignantë müssen am Virfeld vun de Reservatioune e Benotzerkont iwwer ee vun deenen uewegenannte Sitten ariichten. Dësen ass néideg, fir déi eenzel Ateliere reservéieren ze kënnen.

Mir freeën äis op Äre Besuch !